N°4215
Entrée le 09.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.06.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Bildung, Kanner a Jugend & Sport weiderzeleeden.**

Säit dem 13. Abrëll 2026 ass de Poste vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports erëm verginn, dëst nodeems en zanter dem September 2020 net méi besat war. Nodeems eng Gesetzesvirlag am Joer 2020 d'Basisgesetz vum 29. November 1988 aktualiséiere wollt, huet de viregte Sportminister dëse Projet am Februar 2024 zréckgezunn an deemools offiziell ugekënnegt, dass dee Posten erëm besat géif ginn an dëst och an enger Generalversammlung vun den Associatioun vun de Sportsproffen esou ugekënnegt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Stëmmt et dass de Premierminister do, bis elo, säi Veto ageluecht hat? Ewéi komm et elo dozou, mat der Neibesetzung um Posten duerch de Sportminister zu dësem Revirement?
2. Laut dem haitege Gesetzestext vun 1988 huet de Commissaire à l'éducation physique et aux sports follgend Aufgaben:
   - *„d'exercer les fonctions de contrôle, d'orientation, de coordination et d'animation de l'éducation physique et des sports dans tous les domaines; »*
   - *« d'instruire toutes les questions concernant l'éducation physique et les sports soumises à la décision du gouvernement »*
   - *« de fournir au gouvernement des avis administratifs et techniques sur tous les problèmes se rapportant à la politique et à l'organisation de l'éducation physique et des sports tant sur le plan national que sur le plan international »*

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Wéi gesäit de Minister ir Educatioun, Kanner a Jugend dës Missioune vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports, déi jo och an de Schoulberäich falen ? Wat si laut dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend d'Kompetenze vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports am Beräich vum Schoulsport? Wien ass zoustänneg fir d'Ausaarbechtung vum plan d'études am Beräich vum Schoulsport?

3. Laut dem Gesetz vun 1988 huet de Commissaire à l'éducation physique et aux sports zousätzlech nach follgend Missioun :« *d'assurer la surveillance et la coordination de tous les services et installations sportives qui relèvent du département de l'éducation physique et des sports.* » Wuel wëssend, dass et de volet «éducation physique » säit 2004 net méi am Sportsministère gëtt, wéi stellt sech d'Sportministesch d'Zesummenaarbecht tëschent dem Commissaire an dem Coordinateur général am Sportsministère fir, wëssend dass de Coordinateur général eigentlech fir d'Surveillance an d'Koordinatioun vun de Servicer zoustänneg ass?

4. Gouf de vakante Poste vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports ausgeschriwwen, esou wéi dat dës Regierung och scho bei anere sougenannten „Fonctions dirigeantes » gemaach huet ? Wann jo , wou a wéi laang war de Posten ausgeschriwwen? Wann nee, firwat net?

5. Laut dem haitege legale Kader muss de Kandidat op deem Posten den Admissiouns- an d'Nominatiounskrittären fir de cadre supérieur bei enger staatlecher Verwaltung entspriechen an op mannst 15 Déngschtjore beim Staat opweisen. Wéini huet den elo genannte Kommissär seng Kandidatur gestallt? Wéi vill Déngschtjore beim Staat huet de genannte Kandidat?

6. Laut dem Communiqué de presse vum 20. Mäerz 2026 wäert den neie Commissaire à l'éducation physique et aux sports follgend Missioun kreien: « piloter l'élaboration d'un plan d'action national de l'activité physique et des sports ». Steet d'Ausaarbechtung vun dësem Aktiounsplang am Regierungsprogramm? Ass dem COSL säin „Concept intégré 2.0" net eigentlech schonn ee grousse Bestanddeel vun dësem Aktiounsplang?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Sportsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 4215 vum 9.Juni 2026 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement.**

**1. Stëmmt et dass de Premierminister do, bis elo, säi Veto ageluecht hat? Ewéi komm et elo dozou, mat der Neibesetzung um Posten duerch de Sportminister zu dësem Revirement?**

D'Gesetz vum 29. November 1988 gesäit vir, datt de Commissaire à l'éducation physique et aux sports vum Groussherzog op Propositioun vum Regierungsrot ernannt gëtt. D'Nominatioun vun engem neie Sportskommissär ass am Aklang mat dëser gesetzlech virgesinner Prozedur erfollegt.

**2. Laut dem haitege Gesetzestext vun 1988 huet de Commissaire à l'éducation physique et aux sports follgend Aufgaben:**
**„d'exercer les fonctions de contrôle, d'orientation, de coordination et d'animation de l'éducation physique et des sports dans tous les domaines; »**
**« d'instruire toutes les questions concernant l'éducation physique et les sports soumises à la décision du gouvernement »**
**« de fournir au gouvernement des avis administratifs et techniques sur tous les problèmes se rapportant à la politique et à l'organisation de l'éducation physique et des sports tant sur le plan national que sur le plan international »**

**Wéi gesäit de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend dës Missioune vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports, déi jo och an de Schoulberäich falen ? Wat si laut dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend d'Kompetenze vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports am Beräich vum Schoulsport? Wien ass zoustänneg fir d'Ausaarbechtung vum plan d'études am Beräich vum Schoulsport?**

Den honorabelen Deputéierte verweist zurecht op d'Gesetz vum 29. November 1988, dat d'Funktioun vum Sportskommissär reegelt, an dat zu engem Zäitpunkt gestëmmt gouf, wou de Ressort vum Sport am Educatiounsministère integréiert war. D'Règlement iwwer déi aktuell Attributioune vun den ënnerschiddleche Ministère gesäit d'Responsabilitéit fir den Enseignement an d'Schoulprogrammer beim Educatiounsministère. Dozou gehéieren och den Unterrecht an d'Programmer am Beräich Sport a Beweegung. Wat doriwwer eraus sportlech Aktivitéiten am schouleschen an ausserschoulesche Kontext ubelaangt, gëtt an enker Kollaboratioun tëscht dem Educatiounsministère an dem Sportsministère gereegelt.

D'Responsabilitéit iwwer d'Ausschaffe vun de Schoulprogrammer ass iwwer d'Gesetz vum 13. Mäerz 2018 iwwer d'Curriculum-Entwécklung an der Education nationale gereegelt. An der Grondschoul gëtt de Programm zu dem Themefeld Sport a Beweegung an Zesummenaarbecht mat der Commission Nationale de l'Enseignement Fondamental (CNEF 4: l'expression corporelle, la psychomotricité et la

perception, les sports et la santé) ausgeschafft. Am Lycée ass et d'Programmkommissioun (CNES) zu dem Enseignement physique et sportif, déi d'Schoulprogrammer mat auszeschaffen.

Dobäi gi béid Kommissioune vun der Curriculum-Divisioun vum SCRIPT ënnerstëtzt, där hier Missioun am Artikel 4, Punkt 3 vum SCRIPT-Gesetz gereegelt ass. D'Schoulprogrammer an der Grondschoul baséieren op dem Plan d'Etudes, deen vum Educatiounsministère als Annexe zu dem groussherzogleche Règlement vum 11. August 2011 publizéiert gëtt. An dem Enseignement Secondaire ginn d'Schoulprogrammer all Joer iwwer Règlement grand-ducal fixant les grilles horaires, les coefficients des disciplines et des disciplines combinées, ainsi que les disciplines fondamentales des classes de l'enseignement secondaire veröffentlecht. Dës legal a reglementaire Dispositiffe reegelen aktuell d'Ausschaffen an d'Weiderentwéckele vun de Schoulprogrammer a gesi kee Rôle fir de Sportskommissär vir.

Mat der Nominatioun vum neien Sportskommissär huet d'Regierung dofir och festgehalen, datt de Kommissär sech op de Perimeter vun den Attributioune vum Sportministère begrenzt, fir net zu juristeschen Onsécherheete bäizedroen.

**3. Laut dem Gesetz vun 1988 huet de Commissaire à l'éducation physique et aux sports zousätzlech nach follgend Missioun :« d'assurer la surveillance et la coordination de tous les services et installations sportives qui relèvent du département de l'éducation physique et des sports. » Wuelwëssend, dass et de volet « éducation physique » säit 2004 net méi am Sportsministère gëtt, wéi stellt sech d'Sportministesch d'Zesummenaarbecht tëschent dem Commissaire an dem Coordinateur général am Sportsministère fir, wëssend dass de Coordinateur général eigentlech fir d'Surveillance an d'Koordinatioun vun de Servicer zoustänneg ass?**

D'Funktioun vum Sportskommissär baséiert op dem ofgeännerte Gesetz vum 29. November 1988 portant organisation de la structure administrative de l'éducation physique et des sports.

D'Zesummenaarbecht tëscht dem Kommissär an dem Coordinateur général geschitt am Respekt vun den zoustännege Missiounen an der aktueller Organisatioun vum Ministère. De Coordinateur général assuréiert virun allem d'administrativ Koordinatioun vun de Servicer, wärend de Kommissär déi spezifesch Missiounen iwwerhëlt, déi him duerch de legale Kader zougewise ginn. Fir Iwwerschneidungen ze vermeiden, gëtt eng enk Ofstëmmung tëscht béide Funktioune garantéiert.

**4. Gouf de vakante Poste vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports ausgeschriwwen, esou wéi dat dës Regierung och scho bei anere sougenannten „Fonctions dirigeantes » gemaach huet ? Wann jo , wou a wéi laang war de Posten ausgeschriwwen? Wann nee, firwat net?**

De Poste gouf net ausgeschriwwen. D'Nominatioun ass am Aklang mat de gesetzleche Bestëmmunge fir dës Funktioun erfollegt. Eng ëffentlech Ausschreiwung war an dësem Fall net virgesinn.

**5. Laut dem haitege legale Kader muss de Kandidat op deem Posten den Admissiouns- an d'Nominatiounskrittären fir de cadre supérieur bei enger staatlecher Verwaltung entspriechen an op mannst 15 Déngschtjore beim Staat opweisen. Wéini huet den elo genannte Kommissär seng Kandidatur gestallt? Wéi vill Déngschtjore beim Staat huet de genannte Kandidat?**

Zum Zäitpunkt vu senger Nominatioun huet hien all déi gesetzlech virgeschriwwe Konditiounen erfëllt. Hien huet de Konditioune fir eng Funktioun am cadre supérieur vun der Staatsverwaltung entsprach an huet iwwer 29 Déngschtjoren am Déngscht vum Staat verfüügt.

**6. Laut dem Communiqué de presse vum 20. Mäerz 2026 wäert den neie Commissaire à l'éducation physique et aux sports follgend Missioun kreien: « piloter l'élaboration d'un plan d'action national de l'activité physique et des sports ». Steet d'Ausaarbechtung vun dësem Aktiounsplang am Regierungsprogramm? Ass dem COSL säin „Concept intégré 2.0" net eigentlech schonn ee grousse Bestanddeel vun dësem Aktiounsplang?**

D'Promotioun vun der Activité physique a vum Sport fir all Alters- a Bevëlkerungsgruppen ass e wichtege Bestanddeel vum Regierungsprogramm 2023-2028. De Regierungsprogramm gesäit notamment eng proaktiv Sportpolitik vir, déi d'kierperlech Aktivitéit an de Sport am Interessi vun der ganzer Bevëlkerung färdert, souwéi d'Aféierung vun engem Programm fir d'Remise à l'activité physique et aux sports.

D'„Concept intégré 2.0" vum Comité olympique et sportif luxembourgeois (COSL) stellt dobäi eng wäertvoll Grondlag an eng wichteg Inspiratiounsquell duer.

Lëtzebuerg, den 14.Juli 2026

(s.) de Premierminister,

Luc FRIEDEN